**ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE**
**VICTIMES DU NAZISME**

---

**SECTION RODANGE-LAMADELAINE**

COMPTE CHÈQUES POSTAUX XXXXXX

Corresp. Albert Schaul
26, rue de la Fontaine
Rodange
Tel. 50 60 88

Le'w Komeroden !

D'Postverwaltung get am Mont September (Op Intervention von der Zentral) èn Tömber iwer d'Enrôlés de Force eraus.

D'Rodanger Philatélisten, dénen ech als Vizepräsident ugehe'eren, brengen bei all Gelegenhèt eng Maximakart eraus, dé och am Ausland èn gudden Uklang fannen.

An Zesummenarbecht mat de Rodanger Tömberfrönn ass eis gelongen vun der begrenzter Oplag 1.000 "Jeux zu 2 Karten" zur Disposition fir eis Sektionen ze kre'en. Mir wöllen kèn ènzegen Frang als Bénéfice. Dé eng Kart stellt farweg d'Monument von Hollerech, de zwèt Kart a schwarz-weiss d'Plak vum selwegten Monument dur. De 2 Karten kaschten zesummen 25 Frang a gin Iech rechtzeiteg zo, fir dass Dir de Poststempel könnt kre'en. Soll eng Sektion Schwieregkèten fir den Ersttagsstempel hun, könne mer d'Kart och mam Tömber a Stempel ferdegmachen, mir froen da ledeglech als Supplement d'Valeur vum Tömber. d'Karten gin no der Liwerung bezuehlt.

Ech wir Iech se'er verbonnen, wann der Er Commande eso bâl wie meglech gengt virhuelen, well wie gesôt eis Oplag begrenzt ass.

Mat beschte komerôdschaftleche
Gre,ss

Albert Schaul, President.

---

Albert Schaul
26 rue de la Fontaine
Rodange

D'Sektion ______________________ bestellt ________
Jeux zu 25 F / ______ Jeux mam Tömber.

Schaul

Oennerschröft